N°2004
Entrée le 26.03.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n°2004 vum 3. Mäerz 2025 vum honorablen Deputéierte Marc Goergen iwwert d'Busflott vum RGTR.**

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen zu der Busflott vum RGTR.

Fir d'Busflott méiglechst effikass ze notze, gëtt et nieft Bussen déi just am RGTR Reseau fueren a Bussen déi just Schoullinne fueren och Bussen déi op deenen 2 Reseauen kënnen agesat ginn. Aktuell sinn 1.253 Busse fir den RGTR zougelooss, ouni déi Bussen déi just Schülertransport assuréieren.

Bis 2022 waren d'Flotte vum RGTR a vum Schülerreseau nach gemëscht, dëst erklärt den Ënnerscheed am Total vun 2022 op 2023. D'Flott evoluéiert permanent, déi Zuelen am Tableau bezéien sech all kéiers op d'Enn vum Joer.

**Motorisatioun vun der Busflott**

| Joer | Diesel | Elektro | Hybrid | Plugin Hybrid | Total |
|---|---|---|---|---|---|
| 2019 | 1 154 | 82 | 28 | 13 | 1 277 |
| 2020 | 1 177 | 107 | 27 | 12 | 1 323 |
| 2021 | 1 225 | 116 | 28 | 18 | 1 387 |
| 2022 | 1 167 | 172 | 30 | 18 | 1 387 |
| 2023 | 784 | 321 | 14 | 14 | 1 133 |
| 2024 | 790 | 435 | 14 | 14 | 1 253 |

Am Kader vun der Erneierung vun den RGTR Kontrakter ab 2027 bis 2030 wäerten exklusiv Elektrobusser ausgeschriwwe ginn, esou dass een 2030 op een Taux vun 100% kënnt.

**Undeel vun Elekrobusser an der Busflott**

| Joer | Diesel | Elektro | Hybrid | Plugin Hybrid |
|---|---|---|---|---|
| 2025 | 57% | 40% | 2% | 1% |
| 2026 | 52% | 45% | 2% | 1% |
| 2027 | 50% | 50% | / | / |
| 2028 | 35% | 65% | / | / |
| 2029 | 20% | 80% | / | / |
| 2030 | / | 100% | / | / |

Lëtzebuerg, den 26. Mäerz 2025

Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes